En partenariat avec

100 joer natur&ëmwelt

# AM GAART

***Am Gaart kann een d'Natur esou richteg entdecken a genéissen. Wann d'Fréijoer ufänkt, da fänkt och d'Gaardesaison lues a lues nees un an dann heescht et erëm: Wéi eng Blumme bléien elo? Wéi eng Déiere krabbelen um Buedem? Wéi eng Friichte kann ee probéieren? All dat kann een am Gaart erliewen.***

*Fillen, richen, schmaachen – am eegene klenge Gaart kritt dir Loscht, fir ze séinen, ze planzen, ze nätzen an ze ernten. Fir dass dir motivéiert bleift a séier en Erfolleg gesitt, ass et am beschten, wann dir Planzen auswielt, déi séier keimen a wuessen.*
*Enn Abrëll/Ufank Mee ass eng gutt Zäit, fir esou e Minigaart unzeleeën.*
*Vun der klenger Wunneng bis zum groussen Terrain – e Gaart fir Kanner ass iwwerall méiglech. Dofir kënnen och Fënsterbänken a Balconen a gréng Oasen ëmgewandelt ginn.*



## E SONNEBLUMME-MOOSSBAND


Dir kënnt mat äre Geschwëster e klenge Concours maachen! All Kand kann e Sonneblummekär an e klengt Döppen aplanzen an da waarden, bis d'Blumm grouss genuch ass, dass ee se kann eraus an de Gaart planzen. Elo gëtt reegelméisseg gemooss, wéi vill se gewuess ass. Wéini ass se méi grouss wéi dir? Un all Sonneblumm kann e klengt Schëld mat dem Numm vum Kand gehaange ginn. Da kënnt dir och vergläichen, wiem seng Blumm am héchste gewuess ass.

## MIR MAACHEN E MINIGAART!

- **Kichekraider**
  Dofir kënne mir Kichekraider wéi z. B. Rosmarin, Thymian, Zitrounemeliss, Péiterséileg, Menthe a Basilikum séinen an no dräi Wochen hu mir en herrleche klenge Kraidergaart.
- **Geméis- a Blummegaart**
  Fir dass dir och relativ séier e Resultat gesitt, ass et wichteg, Planzen ze séinen, déi séier wuessen, robust sinn an no deenen een net vill kucke muss. Dat kënnen z. B. Réidercher, Kapuzinerkress, Réngel- a Sonneblumme sinn. Dir kënnt awer och verschidde kleng Zaloten oder Äerdbier planzen.

## A LASS!

Huelt eng kleng, eidel hëlze Këscht, z. B. wou Uebst dra war. Schneit eng Tut op, leet se dran a fëllt d'Këscht mat Buedem op. Duerno kënnt dir äre Minigaart mat Steng, Sand a Bengelcher a kleng Parzellen andeelen. Dono gëtt an all Parzell eppes anescht geséit oder geplanzt. Net vergiessen, dat Ganzt ze nätzen!



## VERSTOPPEN – ENTDECKEN!

An engem Beräich vum Gaart kann är Mamm, äre Papp oder ee vun äre Geschwëster Saache verstoppen, déi net an d'Natur gehéieren, wéi z. B. en Tennisball, eng Wäscheklamer, e Bläistëft asw. Dës Saache sollen och ënnerschiddlech an de Faarwe sinn. Elo geet et drëms, dës Saachen ze fannen. Firwat fënnt een déi eng Saache besser wéi anerer? Probéiert emol, dat erauszefannen.
A vergiesst net, nom Spillen all d'Saachen nees anzesammelen.



Cactus